N°7779
Entrée le 17.04.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Protection
des consommateurs

Äntwert vun der Ministesch fir Konsumentenschutz Paulette Lenert op d'parlamentaresch Fro n° 7779 vum 16. März 2023 vum Här Deputéierten Sven Clement.

De Ministère fir Konsumenteschutz steet reegelméisseg am Kontakt mat senge Partner déi am Beräich vum Konsumenteschutz aktiv sinn, ënnert anerem mat der Union Luxembourgeoise des Consommateurs, fir sech mat hinnen auszetauschen an zesummen no Verbesserungsvirschléi zum Wuel vum Konsument ze sichen an entspriechend Léisungen ëmzesetzen.

Am Kontext vun de Clauses pénales abusives ass ze betounen, dass zanter der Aféierung zu Lëtzebuerg vun der Direktive 1993/13/CEE weder déi europäesch Kommissioun nach den europäesche Geriichtshaff déi lëtzebuergesch Transpositioun op dësem Punkt kritiséiert hunn.

De Ministère verfollegt den Dossier vu ganz no an huet eng Etude an d'Weeër geleet fir d'Pertinenz vun de bestoende Reegelen ënnert Betruecht vun de rezenten Entwécklungen ze analyséieren.

Lëtzebuerg, den 17. Abrëll 2023

D'Ministesch fir Konsumenteschutz

(s.) Paulette Lenert